



ALTERNATIV DEMOKRATESCH  
REFORMPARTEI  
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen  
President vun der Deputéiertechamber  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 24. Mäerz 2021

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Staatsminister weider ze leeden.

An der Äntwert op meng parlamentaresch Fro Nummer 3691 vum 12. Mäerz 2018 schreift d'Regierung folgendes: "D'IHRA huet de 26. Mee 2016 op der Plénière vu Bukarest eng "non-legally binding working definition of antisemitism" ugeholl. Deen Text gouf vun engem Expertegrupp virbereet an am Konsens vun den 31 Delegatiounscheffen – dorënner Lëtzebuerg – ugeholl". Zousätzlech gouf den 10. Juli 2019 an der Chamber mat de Stëmme vun der ADR, der CSV, den Deputéierte vun de Regierungsparteien an nach Aneren d'Motioun Nummer 2998 gestëmmt, déi d'Regierung inivitéiert, sech d' Antisemitismusdefinitioun vun der IHRA, der "International Holocaust Remembrance Alliance" zu eegen ze maachen.

Dowéinst wéilt ech den Här Staatsminister froen, wéi d'Regierung aktuell zu der zitierter Motioun vun der Chamber steet? Ass d'Regierung bereed dës Antisemitismusdefinitioun vun der IHRA mat hire Beispiller formell unzehuelen oder huet si dat vläicht scho gemaach? Wa jo, wéini an a wat fir enger Form? Wann nee, firwat net?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser  
Deputéierten